

Eng nei Presidentin fir d'Lëtzebuenger Landjugend

D'Nelly Meyers huet um Landjugenddag d'Féierung un der Spëtzt vum Jugendmouvement iwwerholl

Zënter dem dësjäregem Landjugenddag, deem de 14. Mee zu Garnech, resp. zu Héiweng vun der Landjugend Süden organiséiert gouf, huet d'Lëtzebuenger Landjugend (LLJ) eng nei Presidentin an der Persoun vum **Nelly Meyers**.



Hir Virgängerin **Kim Siebenaller**, déi eise Jugendmouvement vum Landjugenddag 2013 u gefouert huet, huet hire Récktrëtt offiziell am Nationalcomité am Abrëll 2015 bekannt ginn. Kuerz virun deem dësjäregem Landjugenddag huet d'Nelly sech du bereet erkläert, fir d'Funktioon vun der Presidentin vum 14. Mee 2015 un ze iwwerhuelen.

Mat dësem Interview wëlle mir vun der Geleeënheet profitéieren, fir eise Memberen, Frënn a Sympathisanten eis nei Presidentin virzustellen. D'Nelly ass säit enger Rei vu Joren am regionale Landjugendgrupp Zenter aktiv an zënter 2012 och am Nationalcomité vun der *Lëtzebuenger Landjugend* vertraueden.

Nelly Meyers	gebuer, den 1. Juni 1991
Wunnt zu :	Dellen
Beruff:	Éducatrice diplômée
Funktioenen innerhalb vun eiser Organisatioun:	Member vun der <i>Landjugend Zenter</i> : zënter 2009 Member vum Comité vun der Landjugend <i>Zenter</i> : zënter 2012 Trésorière vun der Landjugend <i>Zenter</i> : zënter 2012 Member vum Nationalcomité vun der LLJ: zënter 2012
Hobbyen:	Fussball spillen, liesen, Musik lauschten, mat Kollegen eppes ënnerhuelen, kachen, ...

Puzzelstécker, déi et heescht zesammenzebréngen

Nelly,

Mir kennen Dech zënter e puer Joren als aktive Member vun der LLJ Zenter a vum Nationalcomité vun der Lëtzebuenger Landjugend. Deng wäertvoll Mataarbecht an Deng positiv Impulser bei der

Landjugend Zenter an am Nationalcomité wësse mir ze schätzen. Wat huet Dech motivéiert, fir déi nei Erausforderung un der Spëtzt vun der Lëtzebuenger Landjugend unzehuelen?

No laangem Iwwerleeën hunn ech mech entscheed, de Poste vun der Nationalpresidentin vun der Lëtzebuenger Landjugend unzehuelen. Ech wëll nei Erfarunge sammelen an ech traue mir d'Funktoun vun der Nationalpresidentin och zou. Ech sinn der Meenung, datt ech duerch déi Tâche vill wäert léieren. Wann et och negativ Erfarunge wäert ginn, esou sinn ech iwwerzeegt datt déi positiv iwwerweie wäerten. Virun allem freeën ech mech awer op déi gemeinsam Aarbecht, déi op nationaler Basis mat de regionale Gruppe gemaach gëtt an sinn och hei iwwerzeegt, datt mir zesumme vill erreche kënnen.

Als laangjäreg Member vum Nationalcomité vun der Landjugend hues Du sécher deng Virstellung vun deem, wat Deng Aufgab als Presidentin vum Jugendmouvement bedeit?

Fir mech gëllt et dee konstruktiven Austausch innerhalb vun deene 7 Gruppe weiderhin ze ënnerstëtzen an si ze motivéieren fir si doduerch zesammenzebréngen. All regionale Grupp stellt e Puzzelstéck vun deem Ganzen duer. Wa jiddereen säin Deel dozou bäidréit, si mir eppes Ganzes an doduerch och zesumme staark.

Bekanntlech ass d'Landjugend am Joer 1972 aus der éischter berufsspezifischer Organisatioun vun de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer ervirgaangen. Si sollt deene Jonke vum Land, déi net méi direkt mam Baueremilieu verbonne waren, eng méi breetgefächert Palett vun Aktivitéiten ubidden an Themeberäicher vu Jugendlechen upaken, déi iwwer hir berufflech Interessien erausginn.

Esou stinn all Joer eng Rei vun Aktivitéiten um Kalenner mat deenen d'Landjugend sech méttlerweil identifizéiert an déi sech iwwer eng laang Zäit bewäert hunn: de Landjugenddag, d'Landjugend-Power-Aktioun, den Dag vun der Kooperatioun, d'Bedelegung um Pélé des Jeunes, d'Bedelegung un der Foire Agricole zu Ettelbréck, d'Publikatioun vum Landjugend-Kalenner, ...

Wat bedeit et fir Dech, engem Mouvement virzestoen, deem seng Memberen sech ëmmer nees bereet erklären, fir sech fir eng nätzlech Saach anzesetzen a Verantwortung ze iwwerhuelen?

Fir mech ass et eng grouss Éier déi Plaz als Nationalpresidentin unzehuelen. Grad duerch déi vill Aktivitéiten, déi mir iwwert dat ganz Joer leeschten, hu mir eng Unerkennung hei am Land an och iwwert d'Grenzen eraus. Natierlech sinn ech do als Presidentin stolz op all eenzelne Member, deen zu dëser Unerkennung bäigedroen huet oder an och weiderhi bäidréit. Hinne gëllt mäi grouse „Merci“!

Wat fir eng Erwaardungen hues Du un déi regional Gruppen an un den Nationalcomité?

Ech wir frou, wann all regionale Grupp och weiderhin an Zukunft aktiv kënn sinn, dat esouwuel op regionalem, wéi och op nationalem Plang. Dofir sinn ech bereet, fir meng Iddien an Erfarunge mat eranzebréngen, fir datt mir eng schéin Zäit zesummen hunn. All nei Iddien oder Verbesserungsvirschléi, déi d'Memberen ausdrécke wëllen, si wëllkomm. Ech denken, datt domat enger gudder Zesummenaarbecht näischt am Wee steet.

Kanns Du äis deng Erfarunge matdeelen, déis du bei der LLJ Zenter gemaach hues?

Wou ech 2009 bei d'Landjugend Zenter gestouss sinn, war et un äis fir de Landjugenddag zu Ell an och de Mähdreschercross ze organiséieren. Ech war fasziniert, datt esouvill jonk Leit sech méintelaang engagéiert hunn, fir datt dës Eventer iwwerhaupt realiséiert konnte ginn. Dobäi si vill nei Frëndschaften entstan. Doduerch datt ee selwer aktiv mat organiséiert huet, ass et engem bewusst ginn, wéi wäertvoll all eenzel Hëllef vun eenzele Persoune war. Esou erkennt ee, wat een als Grupp bewege kann.

Duerch d'Funktioon vun der Caissière, déi ech 2012 am regionale Landjugendgrupp Zenter iwverholl hunn, konnt ech selwer mat organiséieren. Vun deene Leit, déi scho méi laang am Comité waren, hunn ech villes geléiert. Och si haten ëmmer een oppent Ouer fir Froen an nei Iddien.

Kanns Du an e puer Wieder soen, wéis du d'Jugend vun haut – an am Speziellen – d'Jugend vum Land gesäis.

D'Jugend vun haut ass permanent a Verbindung duerch déi sozial Netzwierker, déi sech an deene leschte Joren ëmmer méi am Alldag etabléiert hunn. Oft gëtt dat jo kritiséiert awer et huet seng positiv Säiten. Doduerch fannen sech vill Jugendlecher, déi zesummen eppes bewege wëllen. Et kann ee stolz op déi jonk Leit sinn. Wéi zum Beispill bei der Landjugend; Wann et emol net esou leeft, wéi et soll, probéiert een zesumme fir eng Léisung ze fannen fir datt et nees no vir geet.

Vum 24. November bis 1. Dezember 2012 bass Du mat eisem laangjäregem Member vun der ONG-D „Lëtzebuurger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.“ a fréieren Entwécklungshelfer Marcel Scheidweiler, mam Abbé Romain Richer, Nationalaumônier a President, an zesumme mat Jonken aus eise Verbänn an de Burkina Faso gefuer, fir Land a Leit kennenzelieren – awer virun allem - d'Kooperatiounsaarbecht vun der ONG-D konkret ze entdecken. Wat sinn - a kuerze Sätz - Deng verbleiwend Andréck vun dëser sougenannter Visite de coopération?

Et war eng flott Rees, wou mir villes erlieft hunn. Fir mech war et wichteg Land a Kultur vun de Burkinabè kennenzelieren. Awer och fir d'Kooperatiounsprojeten ze gesinn, déi eis lokal Partner op der Plaz ëmsetzen. Dësweideren hunn ech déi interessant Gespréicher geschätzt, wou mir eis Erfarungen an Iddien austausche konnten. Fir eis Europäer ass villes selbstverständlech, wéi beispillsweis, datt mir de Krunn opdréinen an d'Waasser kënn gefloss. Eis Frënn lafen awer all Dag Kilometeren, fir iwverhaupt emol Waasser oder Nahrung ze fannen. Doduerch gesäit ee wéi gutt datt mir et hunn an dat soll ee schätzen. Falls Dir eemol d'Chance kritt, esou e Land ze entdecken, dann notzt se, fir lech Äert eegent Bild ze maachen.

D'Kooperatiounsaarbecht an Afrika stellt jo bekanntlech zënter iwver 50 Joer en Haaptbestanddeel vum Schaffe vun der Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer duer. Wéi gesäis Du dat Engagement?

Ech fannen et gutt, datt mir als Landjugend dat Engagement an d'Aarbecht fërderen, déi schonn iwvert 50 Joer Bestanddeel vun eisem Verband ass. Doduerch datt mir de Leit zur Säit stinn a mir mat hinnen am Austausch stinn, kënne mir eisen Deel dozou bäidroen fir hiren Alldag e bësse méi einfach ze gestalten. Mir, d'Membere vun der Lëtzebuurger Landjugend, sinn äis bewusst, datt net iwverall op der Welt esou gutt Liewensconditiounen bestinn, wéi dat bei äis de Fall ass. Dofir fannen ech et gutt, datt d'Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer och weiderhin hiren Deel zu enger besserer a gerechter Welt bäidréit.



Mir soen dem Nelly e grouse Merci fir dës interessant Andréck a wënschen him „Bonne Chance“ an der Funktioun vun der Presidentin. Dem Kim soe mir e ganz grouse Merci, fir säin Engagement am Déngscht vun der Lëtzebuurger Landjugend a wënschen him vill Freed a Satisfaktioun mam klengen Leo an am jonke Stot.